N°8375
Entrée le 06.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.10.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Ee vun de wichtegste Piliere vun der Fleegeversécherung sinn d'„soins à domicile". Ëmmer méi Persoune benotzen dëse Service, wat natierlech entspriechend Käschte mat sech bréngt. Am Intressi vun de concernéierte Leit an der Qualitéit vum Service, awer och am Sënn vun enger responsabeler Finanzgestioun, ass et wichteg, datt genuch Kontrollen an deem Domän gemaach ginn.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Minister fir sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Qualitéitskontrolle goufen am Beräich vun den „soins à domicile" an der leschter Legislaturperiod duerchgefouert? Wéi eng Resultater hunn déi Kontrolle bruecht?
2) Wéi eng Konsequenze fir déi eenzel privat Prestatairë kënne geholl ginn, wann eng Qualitéitskontroll net zefriddestellend ausfält?
3) Wéi gesäit et mat de Sproochekenntnesser vun deene Leit aus, déi an deem Secteur schaffen? Wéi eng Exigenze ginn et a wéi ginn déi kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten